N°3259
Entrée le 16.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n°3259 vum 26. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Wéi eng spezifesch ëffentlech Etablissementer a Groupements d'Intérêt Economique (GIE) hunn am Joer 2024 an 2025 Finanzéierungen iwwer dëse Budgetsposte kritt a wéi héich waren déi jeeweileg Montante pro Empfänger ?**
2. **Op wéi enge konkrete Konventiounen oder Kontrakter baséieren dës Paiementer a wat sinn d'Lafzäite vun dësen Accorden?**

De Budgetsartikel 16.01.41.022 mam Intitulé « *Contribution financière à divers établissements publics et Groupements d'Intérêt Economique (GIE) ayant fait l'objet d'un contrat ou d'une convention avec l'Etat* » enthält un alleréischter Stell d'Montante vum sougenannte « Bonus institutionnel ». De Bonus institutionnel gouf mat de Conventions pluriannuelles 2018-2021 tëscht der Universitéit Lëtzebuerg, dem Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST), dem Luxembourg Institute of Health (LIH), dem Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) an dem Staat agefouert an ass säitdeem feste Bestanddeel, och vun de Nofollgekonventiounen. Déi Conventions pluriannuelles hale follgende Mechanismus fest, fir de Bonus ze verdeelen :

« *L'enveloppe budgétaire annuelle du bonus institutionnel est déterminée en début de chaque exercice. Une règle de trois établie à partir de la moyenne des revenus comptabilisés pendant les trois années précédant l'année considérée du programme-cadre de recherche et de développement technologique de l'Union européenne eu égard aux dépenses éligibles répartit le bonus institutionnel entre le contractant, le Luxembourg Institute of Health, le Luxembourg Institute of Science and Technology et l'Université du Luxembourg.* » (Extrait aus der Convention pluriannuelle tëscht dem LISER an dem Staat, applikabel, *mutatis mutandis*, och fir déi aner Institutiounen).

Domadder ass de Bonus institutionnel reng Performance-baséiert a kann net vu virera festgeluecht ginn. Déi Institutiounen, déi besonnesch erfollegräich am héichkompetitive Fuerschungskaderprogramm vun der Europäescher Unioun sinn an et fäerdegbréngen méi EU-Fuerschungsgelder op Lëtzebuerg ze bréngen, kréien och méi ee groussen Deel vum Bonus.

An de Joren 2024 a 2025 beleeft de Gesamtmontant vum Bonus sech op jeeweils 9 Milliounen Euro. D'Montanten 2024 sinn am Rapport annuel 2024 vum Fuerschungs- an Héichschoulministère ze fannen aginn an dëser Äntwert der Einfachheet halber och nach eng Kéier indikéiert:

| **Bonus 2024** | (mio. EUR) | % |
|---|---|---|
| Bonus_UNI | 5.32 | *59.16* |
| Bonus_LIST | 2.24 | *24.83* |
| Bonus_LIH | 1.01 | *11.18* |
| Bonus_LISER | 0.43 | *4.83* |
| Total | 9.00 | *100.00* |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

Déi individuell Héichte vum Bonus 2025 belafe sech op :

| **Bonus 2025** | Bonus (mio. EUR) | *%* |
|---|---|---|
| Bonus_UNI | 4.59 | *51.03* |
| Bonus_LIST | 2.71 | *30.16* |
| Bonus_LIH | 1.20 | *13.31* |
| Bonus_LISER | 0.49 | *5.50* |
| Total | 9.00 | *100.00* |

Dës Montante wäerten och wéi gewinnt am Rapport annuel 2025 vum Fuerschungs- an Héichschoulministère veröffentlecht ginn.

Déi verbleiwend 3,3 Milliounen am Budgetsartikel 16.01.41.022 vum Joer 2024 goufen am Kader vun der Révision à mi-terme vun de Conventions pluriannuelles 2022-2025 folgendermoosse verdeelt:

| **Révision à mi-terme 2024** | (mio. EUR) |
|---|---|
| UNI | 1.90 |
| LIST | 0.40 |
| LIH | 0.45 |
| LISER | 0.55 |
| Total | 3.30 |

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul
(s.) Stéphanie OBERTIN